

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„ An der Press hu rezent Verrieder vun diversen Déiereschutzorganisatioune behaapt, datt d'Déiereschutzgesetz vun 2018 zwar gutt wier, mä datt et net géing zefriddestellend ëmgesat ginn.

Des weidere goufe mer gewuer, datt déi véier Déierenasyler, déi de Moment am Land funktionéieren, iwwerlaascht wieren. Fir méi Plaz zur Verfügung ze hunn, wiere bestehend Gebailechkeeten den aktuelle Besoinen ugepasst ginn. Et bräicht een awer zousätzlech an adequat Infrastrukturen, besonnesch am Norde vum Land, wou et, mat Ausnam vu Privatinitiativen, iwwerhaapt keng Opfankstrukture géif ginn. Gleeft een den Déiereschützer, sou misst op d'mannst eng Opfangstatioun amenagéiert ginn.

An deem Zesummenhang wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

- 1) Deelt den Här Minister d'Opfaassung vun den Déiereschützer, datt dat aktuell Déiereschutzgesetz net adequat ëmgesat gëtt?*
- 2) Ass den Här Minister am Detail iwwer d'Situatioun an den Asyler informéiert a kann hien d'Bedürfnisser quantifizéieren?*
- 3) Ass de Landwirtschaftsministère bereet fir zesumme mat den Organisatiounen an de Gemengen eng weider*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

*Opfankstruktur am Norde vum Land ze fannen, fir sou op
d'ei sëllegen Demanden ze äntweren?“*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

André BAULER
Deputéierten